Reçue le 13.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Froen n° 5215, 5219 an 5355 vun der Madamm Deputéiert Nancy Arendt a vun den Här Deputéierte Jeff Engelen, Marc Spautz a Marc Goergen iwwert d'Reglementatioun vun den Taxi-Ambulanzen**

Ewéi schonn a fréiere parlamentaresche Froe beäntwert gouf, ginn d'Ambulanzdéngschter fir net-urgent Transporter vu private Leit déi, dëst berufflech maachen, vu Societéiten, vun Etablissementer fir d'ëffentlech Nëtzlechkeet oder vun Associatiounen ouni lukrativen Zweck organiséiert. Den Zougang zum Beruff gëtt duerch d'Gesetz vum 2. September 2011[1] gereegelt. Dëst Gesetz fält net ënner d'Kompetenze vum Gesondheetsministère an och net ënnert déi vum Ministère fir d'sozial Sécherheet.

Déi betreffend Ministèrë sinn sech der aktueller Situatioun bewosst an d'Qualitéitsnorme fir d'Transporter sinn effektiv nach net gesetzlech verankert. Aus dësem Grond ass de Gesondheetsministère, an Zesummenaarbecht mat aner Ministèren, am Gaangen e Gesetzesavantprojet iwwert d'Norme vun den Ambulanzen ze finaliséieren an deem och de Volet vun de Qualitéitsnorme mat ofgedeckt gëtt.

Et ass och virgesinn dat Tariffer an dem Beräich ugepasst ginn esoubal déi nei Gesetzgeebung a Kraaft trëtt. D'Gesondheetskeess kann awer eréischt mat de Negociatiounen ufänke wann de gesetzleche Kader bis gereegelt ass.

Aktuell kann sech d'Gesondheetskeess also just op déi aktuell statutaresch Dispositioune vun der Gesondheetskeess an op bestoend Gesetzer a Reglementer baséieren.

D'Statute vun der Gesondheetskeess gesi vir, dat de Patient 70% vum Betrag rembourséiert kritt, dee fir de Transport virgesinn ass.

Den Artikel 136, 3. Paragraphe, Alinea 3, vun de Statute vun der Gesondheetskeess, gesäit vir:

> *« Les transports en ambulance simples visés à l'article 132, paragraphe 4, sous b) et c) sont pris en charge à raison de soixante-dix pour cent (70%) des factures établies soit sur la base d'un minimum de trente-huit euros (38,00 euros) par déplacement, soit sur la base d'un montant d'un euro et vingt-cinq cents (1,25 euros) par kilomètre, à l'exclusion de tous autres éléments pouvant être légalement mis en compte par le transporteur, à moins que la prise en charge de ces éléments ne résulte de dispositions statutaires expresses. »*

[1] Loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales qui ne relève pas de la compétence du ministère de la Santé et du ministère de la Sécurité sociale

*09012FF582EF7

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

De Forfait vun 38 Euro ass unzegesinn als e minimale Forfait fir d'Deplacementer fir kuerz Strecken. D'Finalitéit vun dem Forfait ass et de Patienten an dëser Situatioun en Transport an enger Ambulanz ze garantéieren.

D'Gesondheetskeess huet awer keng Handhabung op d'Beträg déi vun den Transportfirmaen dierfen a Rechnung gestalt ginn. Eng Erhéijung vum Remboursement vun der Gesondheetskeess bedeit also net dat d'Käschte vum Patient erof ginn. Dës kann sech awer ännere wann de legale Kader mat de Norme bis steet.

Lëtzebuerg, den 13/12/2021

De Minister fir d'sozial Sécherheet

(s.) Romain Schneider